N° 5849
Reçue le 24.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister a vun der Madamm Finanzministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5849 vum 2. Mäerz 2022 vum honorabelen Deputéierte Marc GOERGEN iwwert d' «promotion des Ministères à l'aide des médias sociaux»**

Et gëtt keen dédizéierte Budget fir d'Präsenz vun de Ministèren op de sozialen Netzwierker. D'Ministèren hu jeweils ënnerschiddlech Budgetslinnen, duerch déi si hir Kommunikatioun kënne finanzéieren. De Medium fir déi entspriechend Kommunikatioun gëtt en fonction vum Sujet a vum Zilpublikum flexibel festgeluet. D'Ministère maache keng detailléiert Opschlësselung vun de Moyenen, déi an dësem Kontext gebraucht ginn.

Wann e Ministère fir Kommunikatiounsprojeten op extern Beroder zeréckgräift an dës Projeten Aktivitéit op de sozialen Netzwierker virgesinn, sou ass dës Aktivitéit en Deel vun der Gesamtoffer a gëtt an der Regel net eenzel facturéiert.

Lëtzebuerg, de 24. Mäerz 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL